


# 1. Lëtzebuerger Cartoon-Concours a Forumsfest

De Cartoon-Concours, dee "forum" fir seng honnerdst Nummer ze feieren organiséiert huet, huet groussen Uklang fond. Nët manner wi 27 Artisten hate 64 Zeechnungen zum Thema "Liesen" ageschéckt. An di zwee Memberen aus onsem Jury, di schon zu Knokke am Jury souzen, hun ons versëchert, de Nivo vun de Wierker bei onsem Concours wär duerchaus mat deem vum Internationale Concours ze vergläichen.

Aus deem Koup huet de Jury (1) enger 28 Cartoons sélectionnéiert, di vum 4. - 9. Januar 1988 am Kapuzinertheater an vum 22. - 31. Januar an der Dikkricher Gemengegalerie am Schlass Wirtgen gewise gi sin. 8 dovun huet de Jury op di éischt Plaze klasséiert. Si siefen hei nach eng Kéier ernimmt:

1. Präis (8000 F a Bicher): Carlo Schmitz
2. Präis (4000 F a Bicher): Katja Wedekind
3. Präis ex-aequo (2000 F a Bicher): Carlo Schneider et Roger Folmer
5. Präis ex-aequo: Carlo Schmitz et Carlo Schneider
7. Präis: Gerard Pierson
8. Präis: Asko Schroeder

Spezialpräis fir Jugendlech (2500 F): Katja Wedekind
Pressepräis (vun der ALJ) (1500 F): Katja Wedekind
Publikumspräis: Katja Wedekind

Donieft haten och nach e puer Schoulklasse matgemaach, an de Jury huet nodréiglech eng extra Präisklass missen aféieren, fir och déi Schülerarbechten ze belounen. Hei krut d'Gigi Naegelin aus dem Lycée Hubert Clement vun Esch den 1. Präis.

Mä nët nëmmen des exzellent Participatioun huet ons gefreet. De Vernissage am Kapuzinertheater huet ons gewisen, dass och eng ganz Rëtsch Perséinlechkeete queesch duerch all Parteie "forum" liesen a sech nët fléiwe gelooss hu, fir mat ons op Invitatioun vun der Stater Buergermeeschtesch op di 100 Nummere "forum" unzestoussen. E Merci och dem Kulturminister Robert Krieps, deen ons eng Hellewull

Wi ët mat "forum" ugaang as, wore Cartoons praktesch di eenzeg Illustratiounsméiglechkeet, di ons zur Verfügung stong: Deemols hu mer ons Zeitung nach selwer op enger Ronéo, spéider op enger Offset ofgezun an do war aus techneschen a finanzielle Grënn nët drun ze denke fir Fotoen ze drécken. Aus däer Noutwendegkeet hu mer awer schnell eng Dugend gemaacht. De Cartoon, deen eng menschlech oder politesch Situatioun an e puer Fiederstreecher mat der Lupp vergréissert, huet onser Konzeptioun vu kriteschem Journalismus voll entsprach. An ofgesin dovun hat de Cartoon-Moler zu Lëtzebuerg éischter selen d'Méiglechkeet séng Konscht ze publizéieren. Wi vun der Nummer 27 un de Poleurs all Kéier d'Titelblat vu "forum" gemoolt huet - spéider sin dann och Leit wi de Paul Feider, de Guy W. Stoos an de Fränz Markus derbäi komm, di awer aus verschidde Grënn neess eweggefall sin - , du hu mer och de kommerziell Wäert vun enger flotter Illustratioun schätze geléiert. Mä mer hun och geschwë verstan, dass de Cartoonist en "auteur à part entière" as: séng Zeechnung enthält oft eng Ausso, di nët an engem Text steet an as eng Stëmm méi am Meenungsfeld, dat am "forum" zum Ausdrock kënnt. Dass dës Ausso nët jidderengem muss gefalen, as grad su selbstverständlech wi bei iergendengem Artikel.

Och wa vläicht an der lescht dem Cartoonist säin Handwierk als Konscht ëmmer méi Unerkennung fënnt, da menge mer dach mat deem Cartoon-Concours, dee mer sëcher nët fir d'lescht organiséiert hun, eng Konschtrichtung z'ënnerstëtzen, däer "forum" vill ze verdanken huet... (extrait aus der Ried vum Michel Pauly op dem Vernissage vun der Cartoon-Ausstellung)

Bicher fir d'Präisser am Concours zur Verfügung gestallt hat. E weidere Merci geet un ons Profi-Journalisten-Kollegen: ee vun den zwéin Journalisteverbänn, d'ALJ, hat e Präis fir de Concours gestëft.

Besonnesch glécklech si mer awer driwer, dass eng gudd hallef Doze Cartoonisten, di beim Concours matgemaacht hun, direkt bereet wore, weider fir "forum" ze zeechnen. An éischt Beiträg fënnt ee schon an dëser Nummer. Donieft stelle mer an dëser Nummer awer och e puer vun de sélectionnéierte Wierker vir. Anerer wäerte sëcher spéider am "forum" ze gesi sin.

E Merci geet och un di zoustänneg Journalisten a Kritiker an der "Revue", am "tageblatt", am "Journal", am "Républicain Lorrain", an der "Lux-Post", di nët nëmmen iwwer ons Jubiläumsmanifestatioune informéiert hun, mä och ons Zeitschrëft als sollech engem méi breede Publikum bekannt gemaach hun.

Op allgemenge Wonsch publizéiere mer an dëser Nummer eng kleng Auswiel vun deene Texter, déi op onsem Fest virgedroen goufen.

D'"forum"-Redaktioun

(1) De Jury wor zesummegesat aus: André Feiereisen, Pol Leurs, Roger Manderscheid, Tun Nosbusch, Charel Staudt, Pol Tousch, Danièle Wagner.